

Oriëntatioun fir d’Zukunft vum Schüler

Kommissioun 3: Educatioun

(Originaltext)

D’Jugendparlament wéilt gären d’Opmierksamkeet op déi aktuell Zoustänn an der Oriëntatioun vun de Schüler am Lycée lenken. Am Moment schéngt et sou dat de SPOS ouni Konsultatioun vun de Schüler d’Decisioun hält an d’Schüler hallt dohinner orientéiert wou nach Platze fräi sinn. Folgelecherweis ginn et all Joer eng Rëtsch Schüler déi ënnert enger net-zougesechnidder Oriëntatioun leiden. Eng vun den Haaptursaache vun deem Problem ass déi mangelhaft Informatioun an Opklärung iwwert all d’Méiglechkeeten déi bestinn, an déi engem Hëllef sullen déi richteg Entscheedung ze treffen.

Fir diesen Defizit ze behiewen hätt d’Jugendparlament eng Rei Virschléi ze maachen déi den Enseignement Secondaire sou wéi den Enseignement Secondaire Technique betreffen. D’Ziel vun dese Virschléi wier et fir d’Oriëntatioun (Informatioun & Berodung) weider auszebauen, an d’Schüler besser op hier spéidert Liewe virzebereeden.

Fir den Technique:

- Op 8ième: Informatiounsveranstaltungen
 - Informatiounsstänn bei deenen d’Beruffsperspektive fir déi verschidde Sektionen (TG, CM, PS an SN) kéint maachen.
- Op 9ième: Stagen
 - Schüler sollen 1 bis 2 Stagen am Joer ënnerhuelen. D’Platze fir sou e Stage kann sech de Schüler selwer sichen, mee falls et gewëllt wier steet d’Schoul ëm natierlech bei. D’Stagen si wichteg fir de Schüler well se och deenen am Enseignement Secondaire en Abléck an d’Beruffswelt bidden.
 - Schüler aus alle Sektionen (TG, CM, PS, a SN) ginn an d’Klasse fir hier respektiv Sektione virzestellen.
- Op 12ième & 13ième: D’Schüler op d’Universitëtslierwe virbereeden
 - Verschidde Froe beäntweren:
 - Wie schreiwen ech een CV an eng Lettre de motivation
 - Wéi huelen ech Kontakt mat enger Universitéit op?
 - Wat sinn déi noutwenneg Prozeduren duerch déi e goe muss fir e Studentepret ze kréien?
 - Wat sinn d’Délaien déi ech anhale muss, an op wéieng Detailler muss ech oppassen ?

- Beispillsweis kéinten d'Schoulen Ex-Schüler, déi zu dem Abléck op der Universitéit sinn, invitéieren. Déi Léit kéinten dann iwwert hier Erfahrung schwätzen. Sou „Back to the Roots“-Evenementer ginn et schonn a verschiddene Lycéeën, an den Interessi vun de Schüler ass grouss.

Fir de Classique:

- Op 6ième: Informatiounsveranstaltungen
 - Informatiounsstänn bei deenen d'Beruffsperspektive fir déi verschidde Sektouneen () kéint maachen. (ABCDEF)
- Op 4ième: Stagen (fakultativ Stagen, mat der Ennerstetzung vum Spos an vum CIJ)
 - Schüler sollen d'Meiglechkeet kreien een Ableck an eng Entreprise ze kreien.
 - Schüler aus alle Sektouneen (A, B, C, D, E, F, G, I) ginn an d'Klasse fir hier respektiv Sektoune virzestellen.
- Op 3ième: Stagen
 - Schüler sollen 1 bis 2 facultative Stagen am Joer ënnerhuelen, dës Kéier sollten déi Stagë méi Sektoune-spezifesch sinn, mussen awer net Den Schüler kann vun der Schoul fraigestallt gin vir den Stage ze machen.
- Op 2ième & 1ière: D'Schüler op d'Universitéitsliewe virbereeden
 - Verschidde Froe beäntweren:
 - Wie schreiwen ech een CV an eng Lettre de motivation
 - o Wéi huelen ech Kontakt mat enger Universitéit op ?
 - o Wat sinn déi noutwenneg Prozeduren duerch déi e goe muss fir e Studentepret ze kréien ?
 - o Wat sinn d'Délaien déi ech anhale muss , an op wéieng Detailler muss ech oppassen ?
 - Beispillsweis kéinten d'Schoulen Ex-Schüler, déi zu dem Abléck op der Universitéit sinn, invitéieren. Déi Léit kéinten dann iwwert hier Erfahrung schwätzen. Sou „Back to the Roots“-Evenementer ginn et schonn a verschiddene Lycéeën, an den Interessi vun de Schüler ass grouss.

Fir d'Jugendparlament ass et selbstverständlech dat wann e Lycée Classique souwéi Technique Coursen ubitt déi Informatiounsdeeg zesummen an um nammlechten Dag oflafen. Dës soll geschéie fir dat all Schüler déi nämlech Méiglechkeete kritt un déi néideg Informatiounen ze kommen, an déi nämlech Beruffer presentéiert kritt. Sou ass et méiglech dat d'Schüler déi richteg Decisioun fir hier Zukunft treffen.